

Bei der Däiwel!

1. Deel:

1. Eëmmer op déi Kleng

Op der Bühn ass et ganz däischter. Op eemol héiert een e Kräische vun dier enger Säit (Diago). Dann e Kräische vun dier anerer Säit (Diaga). Elo geet lues a lues d'Luucht un: mir sinn an der Hell. Op all Säit vun der Bühn sëtzt e klengen Däiwelchen a kräischt.

Et kommen dräi aner Däiwelen eran. (Luzi, Luzette, Luzetto)

Luzi: Natiirlech, nees den Diago (weist bei den Diago)...

Luzetto: ... an d'Diaga! (weist bei d'Diaga)

Luzette: Eis klengsten Däiwelcher! Si kënnen se iewer och ni mat Rou loossen!

Luzi (geet bei den Diago): Waren et nees d'Diabloen?

Diago: am Plaz vun enger Äntwert kräischt hien nach méi haart a wénkt "jo" mam Kapp.

Luzetto (geet bei d'Diaga): Also d'Diabloen, d'Diabloen?

Diaga: am Plaz vun enger Äntwert kräischt hatt nach méi haart a wénkt "jo" mam Kapp.

Luzette: Ëmmer op déi Kleng! An dobäi wëllen eis Diaboloen esou Dichteger sinn. An dann trauen se sech just un déi zwee klengsten Däiwelcher, déi mir hei an der Hell hunn, dien aarmen Diago an dat armend Diaga. Wat een Aarmut!

Déi dräi Chaos-Geeschter Archibald Westminster, Donald Eastmoore a Reginald Southside kommen eran.

Archibald Westminster: Total cool hei an der Mëttelhell. Bonjour, dir Damen an dir Hären, ech sinn den Archibald Westminster, e Chaos-Geescht.

Donald Eastmoore: An ech sinn den Donald Eastmoore, och e Chaos-Geescht.

Reginald Southside: Reginald Southside ass mäin Numm, an dir hutt et geroden, als Chaos-Geescht kommen ech hei geflunn.

Archibald Westminster: Cool, hein?

Donald Eastmoore: Total voll cool!

Reginald Southside: Décke Gas!

Luzette: Loosst eis mat Rou!

Donald Eastmoore: Hal se zou, domm Kou. Chaos-Geeschter kann een zu all Moment gutt gebrauchen. Total gutt gebrauchen!

Luzette: Mee net elo! Et gött ëmmer schlimmer mat den Diaboloen. Si menge wat se wiren, nëmme wëll si Diaboloen sinn, kënnen si sech dach net esou behuelen. Mir müssen eppes ënnerhuelen.

Luzi: Luzette, et huet kee Wäert sech ze bekloen. Esou ass d'Liewen hei an der Hell.

Luzette: Esou ass d'Liewen hei an der Hell! Wann ech dat schonn nëmmen héieren...

Luzetto: Ma Luzette, wat wëlls de dann domadder soen, domadder?

Luzette: Mir Däiwele mussen anscheinend béis, hannerhälteg an niddeträchteg sinn, nëmme wëll dat schonn ëmmer esou war.

Archibald Westminster: Total béis, hein!

Donald Eastmoore: An total voll hannerhälteg!

Reginald Southside: An total niddeträchteg! Décke Gas!

Luzetto: Jo, esou hu mir et geléiert, jo geléiert.

Luzette: Geléiert, geléiert... dat ass mir egal. Ech hu keng Loscht ëmmer béis, hannerhälteg a niddeträchteg ze sinn. Dat ass langweileg an iwwerhaapt net cool.

Archibald Westminster: Total langweileg, hein!

Donald Eastmoore: Total voll cool!

Luzi: Bass du geckeg? Een Däiwel ass just een Däiwel, wann e béis, hannerhälteg an niddeträchteg ass. Esou steet et an allen ale Bicher.

Luzette: Ma Luzi, et geet dach net, datt een esou aarm Däiwelcher wéi den Diago an d'Diaga pisackt an da seet, dat misst esou sinn, wëll mir eben Däiwele sinn an déi musse béis, hannerhälteg an niddeträchteg sinn - wëll et esou an de Bicher steet.

Luzetto: Ou, ech hat gemengt dat wir esou, jo, dat wir esou?!

Luzette: Luzetto, dann iwverlee emol just ee Meter... en Däiwel muss béis, hannerhälteg an niddelträchteg sinn, wann e wëllt ee beduxen, die méi staark ass wéi hie selwer...

Luzetto: Ei, ei, Sir! Dat ass kloer wéi Kloosbritt, Kloosbritt!

Luzette: ... mee et ass een och als Däiwel dach fein mat méi Schwaachen!

Reginald Southside: Total voll Schwaachen!

Luzetto: Dat liicht mer an, jo, dat liicht mer an.

Archibald Westminster: Dat do ass jo eng schwéier Diskussioun, Madame! Totale Megachaos, hein!

Luzetto: Hal dech do eraus, Archibald. Dovunner verstitt dir Chaos-Geeschter näischt, jo dovunner verstitt dir näischt.

Donald Eastmoore: Nu maacht iewer emol e Punkt. E Chaos-Geescht versteet vun alles eppes. Ass dat kloer, total voll kloer?!

Luzette: Chaos-Geeschter sinn do fir ze nerwen. An dat kënnt dir dräi Chaos-Bridder total gutt.

Reginald Southside: Total gutt, total gutt... Dat hutt dir schéi gesot, Madame. Décke Gas!

Elo kommen dräi Hellburger-Verkeefer mat Bauchbuttéker eran.

Hellburger-Verkeefer 1: Hellburger, Hellburger, kauft Hellburger, da sidd der cool.

Hellburger-Verkeefer 2: Hellburger, Hellburger, kauft Hellburger, da sidd der cool.

Luzi: Komm, Diago, ech kafen dir en Hellburger, da geet et nees besser.

Den Diago steet op a laacht.

Luzetto: Komm Diaga, ech kafen dir en Hellburger, da bass du nees frou, jo nees frou.

Och d' Diaga steet op a laacht.

Luzette: Bei der Däiwel mat äre blöden Hellburger.

Hellburger-Verkeefer 3: Ma sot, Madame, wëllt dir elo behaupten, méng Burger wiren net gutt?

Archibald Westminster: Total gutt, hein!

Donald Eastmoore: Total voll cool !

Reginald Southside: Décke Gas!

Hellburger-Verkeefer 1: Dir fant déi Hellburger also net gutt?

Luzette: Nee, nee, esou war dat net gemengt...

Hellburger-Verkeefer 2: Madame, wat hunn ech do héieren?

Luzette: Also, ech wollt soen: ... Wat sollen är Burger da schonns ausmaachen, wann déi topech Diaboloen esou aarmen Däiwele pisacken, wéi déi zwee elei?

Hellburger-Verkeefer 3: Hellburger hëllefe bei alles, bei Kappwéi, Bauchwéi a Réckwéi. E gudden Hellburger, da braucht dir keen Téi!

Luzette: Elo hunn ech es genug!

Hatt leeft vun der Bühn.

*D'Luuchte ginn aus. Et geet op dier zweeter Bühn weider.
Iwwerblendungs-Musék.*

2. De Mischi gëtt Grand-Duc

Zwee Kanner am Pyjama/Nuetshiem. D'Meedchen (Michelle) huet Bäll an der Hand fir ze jongléieren. De Jong (Mischi) läit op der Lauer. Hie passt op, fir datt hir Elteren se net entdecken.

Mischi: Michelle, wéi dacks hunn ech dir schonns gesot, datt et ze geféierlech ass, owes spéit nach ze jongléieren.

Michelle: Wann ee wëllt bei den Zirkus kommen, da muss ee vill trainéieren.

Mischi: Bei den Zirkus, datt ech net laachen.

Michelle: Ma sécher, Mischi. Da wäers du emol gesinn. Ech ginn nach esou gutt, datt ech kann am Zirkus optrieden.

Mischi: Ma hues du dann der Däiwel an der Panz. Wa si an Uecht huelen, datt mir nach net schlofen, da geet et bei der Däiwel.

Michelle: Pass du op, dann huele se näischt an Uecht.

Mischi: Michelle, ech hu keng Loscht méi, all Owes hei op der Lauer ze leien an opzepassen, ob eis Elteren dann elo kommen oder net. Ech si mitt. Ech wëll schlofen! Mir hu mar Recheprüfung. Dat weess du dach och.

Michelle: Recheprüfung. O mei, elo hat ech déi ganz vergiess... Och egal, du hues jo sécher nees gutt gebéchst, da léiss du mech einfach ofschreiwen.

Mischi: Michelle, da sief dach emol verstänneg!

Michelle: Ma ech sinn dach verstänneg! Immens verstänneg!

Mischi: Du a verstänneg! Mat dir komme mir nach an d'Däiwelskichen.

Michelle: Da bass du ebe verstänneg fir mech mat.

Mischi: Recheprüfung, Michelle, mar hu mir Recheprüfung! Du méchs dir et ze einfach!

Michelle: D'Liewen ass haut komplizéiert genug!

Mischi: Domm schwätze kann ech selwer! Pass op, se kommen...

A schwuppdwupp leien déi zwee am Bett a maachen, wéi wa se gingen déif schlofen...

Papp: Wat hu mir iewer zwee brav Kanner, Josette.

Mamm: Jo, Josy. Si si ganz anescht wéi déi Stroossekaner. Wann een hinne seet si solle schlofen, da schlofen se och!

Papp: An dann hu se ëmmer déi gutt Prüfungen, Josette, déi gutt Prüfungen.

Mamm: Mir sinn iewer och esou richteg gutt Elteren. Wat mir schonns alles mat diene Kanner erreecht hunn, do kann ee schonns houfreg sinn...

Papp: Also eist Michelle gëtt op d'mannst Doktesch, ... oder Notär, hues du héieren, Josette, oder Notär.

Mamm: An eise Misch Professor op enger Universit it.

Papp: Oder Affekot,

Mamm: oder Riichter,...

Papp: oder Minister, ...

Mamm: jo, eise Misch g tt sp ider Minister.

Papp: A mat e b sse gudde W llen, g tt en dono Grand-Duc, Josette, Grand-Duc!

Mamm: Grand-Duc ... , jo, Josy, dat wir sch in!

*Mat d ese Wieder verschwanne si lues aus dem Z mmer.
Iwwerblendung zr ck op d'Haaptb hn. Iwwerblendungsmus k.*

3. LIDD 1: An der D iwelskichen

4. "Cool Kampfmaschinen"

Hellburger-Verkeefer 2: Hellburger, Hellburger, kauft Hellburger, da sidd der cool.

Hellburger-Verkeefer 1: Hellburger h llefe bei alles, bei Kappw i, Bauchw i a R ckw i. E gudden Hellburger, da braucht dir keen T i!

*All verschwannen se vun der Bühn bis op den Diago an d' Diaga.
Si sätzen zesummen an der Mëtt. Si duckelen sech zesummen; si
fäerten.*

Diaga: Diago!

Diago: Jo Diaga!

Diaga: Ech fäerten!

Diago: Ech och!

Diaga: Et ass esou roueg!

Diago: Dat ass kee gutt Zeechen!

Vun hanner der Bühn héiert een ee Kaméidi.

Diago: Hues du dat och héieren?

Diaga: Wat?

Nach e Kaméidi.

Diago: Dat!

Diaga: Jo, ech hunn et héieren.

Diago: D'Diaboloe kommen. *flüstert*

*Bei dese Wieder erschéngen op der Bühn déi véier Diaboloen (John,
Kevin, James, Jeff Diabolo). Et sinn esou richteg béis, hannerhälteg
an niddeträchteg Däiwelen.*

Och d'Hellburger-Verkeefen 1, 2 an 3 kommen nees eran.

Hellburger-Verkeefer 1: Hellburger hëllef bei alles, bei Kappwéi, Bauchwéi a Réckwéi. E gudden Hellburger, da brauchst dir keen Téli!

Hellburger-Verkeefer 2: Hellburger, Hellburger, kaaft Hellburger, da sidd der cool.

John: Héi cool, Maus, looss emol een Hellburger eriwuerwuessen!

Hellburger-Verkeefer 3: Jo, Laurent, hei, ee fir dech!

John: Stopp, stopp, Maus! Vun haut u si mir net méi de Laurent an de Pierre an esou weider. Ech sinn de John! Voll krass, wat!

Jeff: Mir Diaboloen hunn eis elo Kampfnimm zougeluecht! Ech sinn elo de Jeff, dat ass mega, Maus, ne!

Hellburger-Verkeefer 1: O wéi cool!

Kevin: Jo, Maus, ech heeschen elo Kevin! Coolen Numm, hein!

James: An ech sinn den James, voll krass!

Hellburger- Verkeefer 2: Mat esou Nimm sidd dir richteg Männer!

Jeff: Maus, pass op wat's du sees! Mir si fett Kampfmaschinen.

John: Mir maachen alles platt, wat sech eis an de Wee stellt.

Si maache Kung-Fu-Bewegungen! Dono iessen si weider lāsseg hir Hellburger.

Elo entdecke si den Diago an d'Diaga.

John: A wien hu mir dann elei?

Jeff: Ech gesi keen!

James: Ech och net!

Kevin: Et riicht staark no aarmen Däiwell!

John: Allez eraus mam Onkraut!

Kevin: Wat een Aarmutt!

James: Wat maache mir mat esou eppes an der Hell!

Jeff: Mengt dir net, dir wiert hei op dier falscher Plaz?

John: Esou Minizwerge wéi dir zwee brauche mir net an der Hell.

Kevin: Allezhopp, mir maachen ee Pak aus hinnen a schécken se an den Himmel. Déi léif kleng Däiwelcher!

Lues a lues strécken si se mat Ficellen zesummen an zéien se ënner de Plafang.

John: Jo, an den Himmel, do gehéieren se hin. Bei déi Léiw,...

Kevin: ... bei déi Brav, ...

Jeff: ... bei d' Streber, ...

James: ... bei d' Schläimer!

John: Hei an der Hell ass nëmme Plaz fir déi richteg Béis, ...

James: ... an déi Hannerhälteg, ...

Kevin: ... an déi Nidderträchteg, ...

Jeff: ... an déi Cool!

Déi 4 Diaboloen: Krass fett, déi Cool!

Hellburger-Verkeefer 1, 2 an 3: Wëll déi Cool, déi iessen Hellburger!
Hellburger, Hellburger, kaaft Hellburger, da sidd der cool.

*All verschwannen se elo vun der Bühn, déi zwee kleng Däiwelen Diago
an Diaga hänken ënner dem Plafang.*

Hellburger-Reklamm 1

*Dës Hellburger-Reklamm gëtt wéi d'Werbung an engem Film
ageblend. Et soll eppes mat ganz coole Borschten ze dinn hunn.*

Musék: Esperanto

5. Ëmmer cool ass och net cool!

D'Luzette, d'Luzi an de Luzetto kommen eran.

Diago: Luzette, endlech, wou waart dir dann esou laang.

Luzi: Diago, wou bass du?

Diago: Luzi, da maacht eis lass!

Luzetto: Ma wou sidd dir dann, jo, wou sidd dir dann?

Diaga: Hei, dajee, d' Seeler dinn eis wéi.

Luzette: Also, entweder sinn ech blann oder dir hutt iech gutt
verstoppt!

Diago: Maach elo keng domm Witzen!

Luzette: Ech hunn nach ni domm Witze gemaach!

Diaga: Dajee, mäin Aarm ass entschlof.

Luzi: Wann dir elo net direkt sot, wat lass ass, da gi mir erëm!

Diago: Nee, nëmmen net fortgoen!

Diaga: Ma da kuckt dach emol hei uewen. Hei hänke mir.

Luzetto: Ma esou eppes lieft dach net, dat lieft dach net!!!!

Diago: Dach, dach, mir sinn nach net dout.

Si maachen se lass.

Luzi: Dat ware bestëmmt déi hannerhälteg, niddeträchtteg Diaboloen.

Déi zwee Däiwelcher soen näischt.

Luzette: Waren et d'Diaboloen oder net?

Déi zwee soen ëmmer nach näischt.

Luzetto: Ma dir hutt jo der Däiwel an der Panz, jo, dir hutt en an der Panz!

Luzette: Allez allez, eraus mat der Sprooch. Esou komme mir nach an d'Däiwelskichen.

Luzi: Waren et d'Diaboloen oder waren et se net?

Diago an Diaga: Ehem, si waren et!

Luzette: Voilà, wat hat ech iech gesot. Mee elo sinn se ze wäit gaangen. Elo wäerten déi Knaschtertten emol eppes erliewen.

Bei dëse Wierder kommen déi dräi Chaos-Geeschter eran. Si iessen Hellburger.

Archibald Westminster: Voll korrekt dien Hellburger, hein.

Luzette: Iesst dir och schonns dier ruppeger Hellburger!

Donald Eastmoore: Passen déi dir iren net Madame, total voll Hellburger!

Luzette: Dat ass eng eenzeg Sauerei, just gutt fir d'Diaboloen!

Reginald Southside: Passt op Är Sprooch op Madame, op esou engem Toun schwätzt een net mat de Chaos-Geeschter. Op diem Ouer sinn ech Reginald Southside daf, Madame, total daf! Décke Gas!

Luzette: Ech kann déi Drecker net verdroen. Mir gött et schlecht, wann ech ee muss iessen.

Archibald Westminster: Madame Luzette, nu maacht emol e Punkt. Ech Archibald Westminster huele mir d'Fräiheet ze behaupten, datt déi Hellburger hei gutt sinn, Madame, total gutt, hein!

Luzette: Ma dann huelen ech mir d'Fräiheet, Här Archibald Westminster, hein, ze behaupten, datt Dir schiel sidd, Monsieur, total schiel.

Donald Eastmoore: Also dat musse mir eis net gefale loossen! Ech, den Donald Eastmoore behaupten, Madame, datt Dir zerguttst frech sidd, total voll frech!

Luzetto: Ma da streit dach elo net wéinst diene papegen Hellburger. Mir hunn elo aner Problemer, jo, aner Problemer.

Reginald Southside: Hunn ech richtig héieren? Problemer? Décke Gas!

Luzi: Jo, mir hu Problemer mam Diago an Diaga...

Donald Eastmoore: ... Diago an Diago ...

Luzi: ... nee, Diago an Diaga ...

Archibald Westminster: ... ah, Diaga an Diaga, ...

Luzette: Der Däiwel net nach, mat dienen zwee! *weist op déi zwee...*

Donald Eastmoore: Ah, mam Diago a mam Diaga. Décke Gas!

Reginald Southside: Firwat sot dir dat dann net direkt? Total voll direkt!

Luzi: Déi hannerhälteg an niddelträchteg Diaboloen hu se gepisackt an einfach hei ënner de Plafang vun der Mëttelhell opgehaangen.

Archibald Westminster: Ma dofir sinn esou Däiwelcher dach do, hein!

Luzetto: Dat do geet einfach ze wäit. Ech hunn es elo esou lues genug, jo ech hunn es geschwë genug!

Donald Eastmoore: ... total voll genug, korrekt!

Luzette: Mir geet dat ganz Gedeessems hei an der Hell zerguttst op de Wecker.

Reginald Southside: ... total op de Wecker, korrekt! Décke Gas!

Luzi: All déi Regeln... dat eenzegt wat wierklech zielt, ass datt d'Diaboloen sech alles erlaben däerfen, an déi aarmen Däiwele sinn déi Domm.

Archibald Westminster: ... total déi Domm, voll korrekt, hein!

Luzetto: Ma dir schwätzt scho bal esou domm wéi d'Diaboloen, jo, bal grad esou domm.

Archibald Westminster: Total esou domm wéi d'Diaboloen! Voll cool, voll korrekt, hein!

Luzi: Ëmmer béis, hannerhälteg an niddelträchteg sinn ass och net cool, Archibald!

Donald Eastmoore: ... total net cool, voll korrekt!

Luzette: Ëmmer cool ass och net cool!

Reginald Southside: Total coole Saz, Madame: ëmmer cool ass och net cool! Décke Gas!

Archibald Westminster: Cool, hein!

Luzette: En neie Wand an der Hell, jo, mir bräichten en neie Wand an der Hell!

Donald Eastmoore: Ëmmer cool ass och net cool! Dat ass total voll korrekt!

Luzetto: Esou ass dat voll langweileg, voll langweileg!

Reginald Southside: Ëmmer cool ass och net cool! Décke Gas!

Luzetto: En neie Wand an der Hell, jo en neie Wand!

6. LIDD 2: En neie Wand an der Hell!

7. Ee Plang gëtt gemeet

Archibald Westminster: Voll krass, hein!

Luzette: Jo, Archibald Westminster, voll krass! Mee wat solle mir elo maachen?

Luzetto: Wou kréie mir dien neie Wand dann elo hier, jo, wou kënnt dien hier?

Luzi: Dat ass méi einfach gesot wéi gemaach!

Donald Eastmoore: Bei esou Problemer, ...

Reginald Southside: ... net gezéckt...

Archibald Westminster: ... d'Chaos-Geeschter virgeschéckt.

Donald Eastmoore: Den Donald Eastmoore,...

Reginald Southside: ... de Reginald Southside ...

Archibald Westminster: ... an den Archibald Westminster ...

Donald Eastmoore: ... léisen esou Problemer ...

Reginald Southside: ... total geschéckt. ... Décke Gas!

Luzette: Ou?

Luzi: A wéi dann!

Archibald Westminster: Ech soe just: Michelle ...

Donald Eastmoore: ... a Mischil!

Luzette: Michelle a Mischil?

Archibald Westminster: Jo, Madame, Michelle ...

Donald Eastmoore: ... a Mischil! Voll korrekt!

Reginald Southside: Si stellen die ganze Butték hei op de Kapp.
Décke Gas!

Luzetto: A wie si si?

Archibald Westminster: Mënschen! Hein!

Donald Eastmoore: Total voll Mënschen!

Luzette: Ma nee!

Reginald Southside: Ma dach! Mënschen! Total Mënschen! Décke Gas!

Luzetto: Dat geet net, jo, dat geet net!

Archibald Westminster: A wéi dat geet, hein!

Donald Eastmoore: Kommt séier heihinn, da gëtt e Plang gemeet!

Reginald Southside: An dono gëtt sech op de Wee gemeet! Décke Gas!

...

Si sätzen sech an d'Mëtt vun der Bühn a strecken d'Käpp zesummen. Et gött elo däischer. Iwwerblendung op déi zweet Bühn. Iwwerblend-Musék.

8. Lauschter, esou eppes hunn ech nach ni héieren!

D'Mamm an de Papp stinn nach an der Dir vun dem Michelle an dem Mishi hirem Zëmmer.

Mamm: Eise Mishi als Grand-Duc! Wat gött dat schéin, Josy.

Papp: Jo, Josette, da sätze mir mat dienen dichtegste Leit aus ganz Europa zesummen un engem Dësch, hues du héieren, Josette, mat dienen dichtegste Leit.

Mamm: An da komme mir an d'Zeitung!

Papp: An op de Fernseh, Josette, op de Fernseh!

Mamm: Jo, Josy, da komme mir op de Fernseh.

Papp: So, Josette, wat muss een do eigentlech léieren, fir Grand-Duc ze ginn?

Mamm: Ech weess dat net, Josy! Ech hunn net dierfe léieren, bei eis an der Famill ware keng Suen do. An dobäi wir ech esou gären eng Kinigin oder eng Prinzessin ginn.

Papp: Komm, Josette, d'"Traumschiff" kënnt elo um Fernseh, mir musse kucke goen, jo kucke goen.

Mamm: Jo, Josy, séier, dat ass ëmmer esou schéin! An da kucke mir, a wéi eng Schoul eise Mischi goe muss fir Grand-Duc ze ginn.

Papp: Jo, Josette, da kucke mir a wéi eng Schoul hie goe muss, a wéi eng Schoul.

Si ginn aus dem Zëmmer. Direkt sinn de Mischi an d'Michelle wakerech.

Michelle: Si se fort?

Mischi: Ech menge jo.

Michelle: Pass du op bei der Dir! Ech trainéieren nach séier e bëssen.

Mischi: Michelle, ech mengen du ticks net méi richteg. Du kanns dach elo net mëtten an der Nuecht jongléieren. An dann hu mir mar Recheprüfung...

Michelle: Ma Här Grand-Duc! Wann ee gären an den Zirkus geet, da muss een Dag an Nuecht trainéieren. Verstees du: dat nennt een Disziplin! Wann een eppes wëllt erreechen, da muss een och eppes dofir maachen.

Mischi: Nenn mech net Grand-Duc, du ... du ... Miss Disziplin.

Michelle: Allez, pass op Grand-Duc, datt se net kommen.

Mischi: So nach eng Kéier Grand-Duc zu mir, da wäers du emol eppes erliewen.

Mischelle: Dajee Mischi, sief dach net esou. Du kanns jo nach e bëssen un dénger Recheprüfung béchsen, bis ech fäerdeg si mat méngem Training.

Geräisch

Mischi: Dat ass net nëmme méng Recheprüfung, Michelle, du bass bei mir an der Klass, dann hues du och Recheprüfung. Dat ass och Disziplin, wann ee fir séng Recheprüfung léiert. An iwwerhaupt, weess du net wéi wichteg datt et ass, datt ee gutt rechne kann, wëll domadder kann...

Michelle: ... Roueg, Mischi, sief emol roueg!

Mischi: Bass du dir iwwerhaupt bewosst, datt...

Michelle: ... Ma dann hal emol de Bak!

Mischi: Ma ech wäert mir dach elo net de Mond vun dir...

Geräisch

Michelle: ... Kee Wuert méi! Hues du dat och héieren?

Si lauschtere gespaant...

Mischi: Ech héieren näischt.

Michelle: Et war, wéi wann eppes...

Mischi: Mol der Däiwel net un d'Mauer. Ech mengen heiansdo Michelle, dass du net weess, wat wierklech wichteg am Liewen ass...

Michelle: ... Mischi, psssst...

Mischi: ... Et ass déng ganz Astellung, ...

Michelle: ... Roueg...

Mischi: ... Et ass déng ganz Haltung...

Michelle: ... pssst! Da lauschter dach!

Geräisch

Mischi: Jo, elo héieren ech et och.

Michelle: Der Däiwel net nach! Wat ass dat do?

Mischi: Esou eppes hunn ech nach ni héieren.

9. Iwwer den Hades!

Nees Iwwerblendung op déi aner Säit. Iwwerblendungsmusék. Do sinn elo just d'Luzette, de Lucetto an d'Luzi, am gaangen dat Schëff, dat d'Séilen an d'Hell bréngt, ze lueden, fir bei d'Michelle an de Mischi ze fueren. Virum Schëff mussen e puer aarmen Däiwelen zéien.

Lucetto: Der Däiwel net nach! Hei war ech nach ni, jo, hei war ech nach net!

Luzi: Ech och net. Komm mir loossen et sinn. Ech wëll nees heem!

Luzette: Hei si mir richtig! Hei sinn d'Paarte vun der Hell. Kuck do ass en, den Hades, de Floss dien d'Hell vun der Mënschewelt trennt. Doriwwer ginn all Dag déi aarme Séile bruecht. An do ass och de Séilentransporter.

Hatt weist op d'Schëff.

Diago: Ech fäerten!

Luzette: Pssst, macht lues. Se schlofen elo all. Datt mir keen erwächen!

Diaga: Wie schléift, Luzette?

Luzette: Ma Diaga, dat weess dach all Kand. De Séilenhafen hei gött vum Ënnerweltswuechthond Zerberus, vun der Schlaang mat den dräi Käpp Hydra a vun der Séileriichterin Osiris bewaacht.

Luzetto: Zerberus, Ënnerweltswuechthond!!!

Luzi: Hydra, Schlaang mat dräi Käpp!!!!

Luzetto: Osiris, Séileriichterin!!!!!!

Luzi: Ech wëll mech aus dem Stëps maachen!

Luzette: Dat ass net néideg, dir braucht just kee Kaméidi ze maachen. ... Sou an elo alles u Bord. Setzt d'Segelen, hieft den Anker!

Luzetto: Luzette?

Luzette: Ja Luzetto, wat ass dann elo nach?

Luzetto: Ech mengen, ech kann net matkommen, jo, net matkommen.

Luzette: Ma du wäers dach elo hei kee Waasser zéien!

Luzetto: Ech hunn esou een Zéien am Daarm. Ech mengen, et ass eng Mogripp, jo, et ass bestëmmt eng Mogripp!

Luzi: Eng Mogripp?

Luzetto: Jo, eng Mogripp. O wat dat mir am Bauch rumouert.

Luzette: Also Luzetto, dat hätt ech vun dir iewer elo net geduecht. Dass du elo esou eng Ausried sichts, wëlls du dir vun elauter Angscht an d'Box méchs.

Luzetto: An d'Box maachen ech mir geschwënn, mee net aus Angscht, mee wéinst der Gripp, jo, wéinst der Mogripp.

Luzette: Allez, allez, esou schlëmm wäert dat schonn net sinn. Michelle a Mische, mir kommen, an de Luzetto kënnt mat, ob mat oder ouni Mogripp!

Als leschte spréngt de Luzetto op de Séilentransporter. An elo segelen si iwwer den Hades bis bei d'Michelle an de Mische virun d'Dir.

Knapps si se fort, dauchen déi véier Diaboloen op.

James: Elo sinn se eis entwutscht!

Jeff: Krenondidjéft! Just e puer Minutten ze spéit.

Kevin: Déi do hunn der Däiwel an der Panz.

John: Elo musse mir oppassen. Wann déi do erëmkommen, da gëtt et geféierlech fir eis.

James: Déi wëllen alles anescht maachen.

John: Déi wëllen, datt d'Hell net méi d'Hell ass.

Jeff: Déi wëlle sech net un dat halen, wat an dienen ale Bicher steet.

John: Dat ass net gutt fir eis!

James: Also musse mir eppes ënnerhuelen.

Kevin: Mir dierfen de Séilenhafen hei net aus den Ae loossen.

Kevin: Mir mussen hei Wuecht halen.

John: Looss déi do emol heemkommen, da geet et bei der Däiwel mat hinnen!

Alle 4: Jo, da geet et bei der Däiwel mat hinnen.

Elo kommen dräi Hellburger-Verkeefer mat Bauchbuttéker eran.

Hellburger-Verkeefer 1: Hellburger, Hellburger, kaaft Hellburger, da sidd der cool.

Hellburger-Verkeefer 2 an 3: Hellburger, Hellburger, kaaft Hellburger, da sidd der cool.

Hellburger-Reklamm 2

Dës Hellburger-Reklamm gött wéi d'Werbung an engem Film ageblend. Et soll eppes mat Fortlafen ze doen hunn.

Musék:

PAUS PAUS PAUS PAUS PAUS PAUS PAUS PAUS PAUS

2. Deel:

10. Highway to hell

De Séilentransporter huet elo virun dem Zëmmer vum Misch a vum Michelle ugeluecht.

Lues klammen déi dräi Däiwelen erof.

Luzette: Lues, maacht méi lues. Mir däerfe keen erwächen.

Luzetto: Luzette, et deet mir leed, jo, et deet mer leed, mee...

Luzette: Wat ass Luzetto?

Luzi: Dajee, dir zwee, sidd dir dann elo roueg oder net?

Luzetto: Ech ka jo och net derfir?

Luzette: Luzetto, wat ass dann?

Luzetto: O mei, elo ...

BRUUUUUUUTTTTTTSCH! De Luzetto huet ee megadécken, sténkegen Däiwelsfuerz gelooss!

Luzetto: Et deet mir leed, mee ech konnt dien Däiwelsfuerz net anhalen. Ech hat dir jo scho gesot, datt ech eng Mogripp hätt, jo, eng fatzeg Mogripp.

Luzi: Luzetto, du bass e Schwäin!

Luzetto: Méi wéi entschëllege kann ech mech net!

Luzette: O mei, wat dat sténkt!

Luzetto: Jo, Däiwelsfuerze sinn déi schlëmmst, jo, et gött näischt, wat méi facht wéi een zerguttsten Däiwelsfuerz!

Luzette: Bretz dech och nach mat déngem Fascht!

Mischi: Ech halen dat net aus!

Michelle: Esou e Gestank hunn ech nach ni geroch!

Luzette: Jo, et deet mir och leed, de Luzetto konnt sech net zréckhalen.

Michelle: A wie sidd dir dann?

Mischi: Hëllef, Mamma!

Luzette: Psst, dir braucht net ze fäerten.

Michelle: Wie sidd dir?

Mischi: Jo, wie sidd dir?!

Luzette: Maja, mir sinn ... also ... hm ... wéi soll ech soen: ... Däiwelen.

Michelle: Däiwelen?

Luzette: Jo, Däiwelen!

Mischi: Mamma!

Michelle: Dajee, Här Grand-Duc, roueg! ... Also ech si platt! Dir sidd richtig Däiwelen?

Luzi: Jo, dat do ass d'Luzette, ech sinn d'Luzi an hien do ass de Luzetto.

Mischi: De Fuerzdäiwel!

Luzette: Jo, eise Fuerzdäiwel. An dir sidd d'Michelle an de Mischi?

Michelle: Jo, dat do ass de Grand-Duc ...

Mischi: ... an dat do ass d' Miss Disziplin.

Michelle: Mee da lauschttert emol: ech hunn ëmmer gemengt, d'Däiwele wiren an der Hell. Wat maacht dir dann hei?

Luzetto: Maja, mir wollten ...

Michelle: ... jo ...

Luzi: ... Mir wollten iech froen ...

Michelle: ... eis froen ...

Luzette: ... iech froen, fir mat eis an d'Hell ze kommen.

Mischi: Mamma!

Michelle: Ech mengen, dir hutt e Rass an der Schossel. Wat solle mir dann an der Hell?

Luzette: Eis hëllefen...

Michelle: ... hëllefen? ...

Luzi: Jo eis hëllefen, géint d'Diaboloen!

Michelle: Mir ass dat ze komplizéiert!

Luzette: D'Diaboloe pisacken ëmmer déi aarmen Däiwelcher, an dat fanne mir déck ongerecht. An dofir sollt dir eis elo hëllefen.

Mischi: Allez, dir Fuerzerten, da gitt elo nees schéin zréck an är Hell, an da loosst dir eis mat Rou! Mir hu mar Recheprüfung!

Michelle: Jo, ech mengen och, datt dat keng esou gutt Iddi ass!

Luzetto: *Gesäis du Luzette, ech hat dir et jo gesot: Mënsche kënnen Däiwelen net hëllef, dat ass Zirkus, jo richtige Zirkus.*

Michelle: Zirkus, hunn ech do Zirkus héieren!

Luzetto: Jo, décken Zirkus!

Michelle: Hutt dir en Zirkus an der Hell?

Luzetto: Hein?

Michelle: Héiers du net gutt? Hutt dir en Zirkus an der Hell?

Luzette: Natiirlech, Michelle, hu mir Zirkus an der Hell!

Luzetto: O jo, mir hunn décken Zirkus an der Hell.

Michelle: En décken Zirkus, also e richtig groussen Zirkus.

Luzette: Jo, mat allerhand Clownen an Artisten, si heeschen Diaboloen a nenne sech Kampfmaschinen.

Michelle: Jojo, Diaboloen, kuck ech hunn een. *Hatt weist säin Diabolo. A Jongleuren, sinn och Jongleuren do?*

Luzette: An der Hell gëtt et der vun allen Zorten!

Michelle: Do muss ech hin!

Mischi: An d'Recheprüfung?

Michelle: Heiansdo ass eppes am Liewe méi wichteg wéi eng Recheprüfung, Här Grand-Duc! D'Hell, ass dat wäit vun hei?

Luzi: Nee, dat geet séier.

Michelle: Ass dat dann net geféierlech?

Luzetto: Geféierlech, ma nee, kee Fascht, o pardon, kee Fatz!

Mischi: An den Zerberus, den Hellewuechthond, an d'Hydra, d'Schlaang mat den dräi Käpp, an d'Séileriichterin Osiris!

Michelle: A wat verziels du do, Mischi?

Luzette: Ma dat steet just esou an de Bicher, fir déi kleng Kanner fäerten ze doen.

Luzi: Déi gött et dach net a Wierklechkeet.

Mischi: Bass du do sécher?

Luzetto: Wourops de ee loosse kanns.

BRUUUUUUUTTTTTTSCH! De Luzetto huet ee megadécken, sténkegen Däiwelsfuerz gelooss!

Michelle: Ma da lass, wëll hei richt et elo net méi gutt. Elo gi mir an den Zirkus, den Zirkus vun der Hell!

Mischi: Ma bass du dann elo total verréckt? An eis Recheprüfung...

Michelle: Allez, Grand-Duc, du gees och mat!

Mischi: Ma, ...

Michelle: Alles op de Wee fir an d'Hell!

All sprangen se op de Séilentransporter a si fueren nees zréck. De Papp an d'Mamm kommen eran.

Mamm: Wat war d'"Traumschiff" haut nees schéin, gedu Josy!

Papp: Esou misste mir och eng Kéier kënne reesen.

Mamm: Jo, wann eis Kanner bis grouss an dichteg Leit sinn, dann huele si eis ronderem déi ganz Welt mat.

Papp: Nee wat dat hei sténkt an de Kanner hirer Kummer, wat dat facht.

Mamm: E ganz komesche Geroch.

Papp: Et richt no Schwiefel a no Geessebock.

Mamm: Schwiefel a Geessebock?!

Papp: Schwiefel a Geessebock.

Mamm: Bei der Däiwel net nach!

Papp: Jo, Josette, dat ass de Geroch vun der Däiwel.

Elo gesi si, datt de Séilentransporter mat hire Kanner um Wee fir an d'Hell ass.

Mamm: Josy! Kuck do!

Papp: Eis Kanner! Stopp, halt, stoebleiwen!

Mamm: Bleift hei, Kanner!

Papp: Allez, séier zréck!

Mamm: Mishi, Michelle. Bleift der wuel hei!

Papp: Ma hunn déi net der Däiwel an der Panz, einfach esou fortzefueren. Ass dat den Dank? Elo maachen si sech einfach duerch d'Bascht.

Mamm: Joeren a Joeren ware mir fir iech do, an elo!

Papp: Ma dir sollt et dach emol eng Kéier besser hu wéi mir.

Mamm: Eis Kanner stieche mat der Däiwel ënnert enger Decken.

11. LIDD 3: (Mir sinn) Um Wee fir an d'Hell!

12. Da looss se kommen!

De Séilentransporter ass elo bal am Séilenhafen ukomm.

Déi véier Diaboloen leien op der Lauer fir de Mishi an d'Michelle ze empfänken.

Mee och si gi vun de Chaos-Geeschter belauschtert, déi alles matkréien, wat d'Diaboloen soen.

James: Héi Diaboloen! Oppassen, se kommen.

John: Cool, da wäerten se elo emol eppes erliewen.

Kevin: All d'Diaboloen op d'Plazen.

John: Alles OK. Jiddereen op der Plaz.

Archibald Westminster: Ei, ei Sir, och mir sinn op der Plaz. Mee dir mierkt et net, hein.

Donald Eastmoore: Ma da maach emol Plaz Archibald Westminster, muss du dech ëmmer esou breet maachen, total voll breet.

Reginald Southside: Donald Eastmoore, den Archibald Westminster mécht sech net esou breet, dien ass esou breet! Décke Gas!

Archibald Westminster: Ma da loosst mech dach mat Rou, soss kënnt dir är Aarbécht hei alleng maachen, hein.

Reginald Southside: Scho gutt, bleif cool Man!

Jeff: Also dir wësst Bescheed, wa se ukommen, da mussen se direkt bei d'Osiris, d'Séileriichterin.

Kevin: Ech hat gemengt, fir d'éischt kéim den Hellewuechthond.

John: Nee, fir d'éischt d'Hydra, d'Schlaang mat den dräi Käpp.

Jeff: Also hei am Buch ass et ganz kloer: fir d'éischt empfängt d'Osiris déi aarme Séilen, déi mam Séilentransporter iwuer den Hades an de Séilenhafen alafen, bei de Paarte vun der Hell.

John: Weis emol hei?

Kevin: Et ass fir d'éischt den Hond, de Pittbull!

John: Hei steet et schwaarz op wäiss, et ass d'Séileriichterin. Ech hat et jo direkt gesot.

Archibald Westminster: Sabbel, braddel, tut, hein!

Donald Eastmoore: Sollen si haut nach fäerdeg ginn, voll total krass fäerdeg?

Reginald Southside: Dat do si mir déi richteg, fir anere Leit Angscht ze maachen! Ma déi kënnen emol eppes erliewen... Décke Gas!

Jeff: Sou, an elo alles op d'Plazen, si sinn elo do.

D'Osiris, d'Séileriichterin

D'Michelle, de Mishi an déi dräi Däiwelcher klammen aus dem Séilentransporter.

Mishi: Also Luzette, an der Hell hat ech mir et iewer ganz anescht virgestallt. Hei ass et jo wéi bei eis doheem.

Luzette: Gedold, Mishi. Mir sinn hei eréischt am Séilenhafen, bei de Paarte vun der Hell. Et dauert nach e bëssen, bis mir an d'Mëttelhell kommen.

Michelle: An den Zirkus, wou ass dann hei deen Zirkus?

Luzette: Also, deen Zirkus, dien, ... ehem, ... , dien , ... kënnt och nach. Méi spéit, méi spéit!

Luzetto: Da maacht dach emol méi lues. Op eemol héiert eis d'Osiris oder den Zerberus, jo, den Zerberus...

Luzi: ... oder d'Hydra.

Mishi: Hydra, ma ass dat dann net...

Luzette: Nee, nee, et gött vill geschwat. Dat ass alles net esou schlëmm. Dien Hellewuechthond an ...

Luzetto: ... déi Schlaang mat den dräi Käpp an

Luzi ... déi Séileriichterin, déi gött et guer net.

Luzette: Nee, déi gött et guer net.

Bei dëse Wierder geet de Vorhang op. Et gesäit een eng Wo mat zwou Schuelen, an d'Osiris, d'Séileriichterin, steet dobäi! Si mierken natierlech net, datt et den James Diabolo ass, die sech als Osiris verkleet huet a virun hinnen op Stelze steet. Den Diago an d'Diaga stinn als "Helfer" dernieft.

Mischi: ... nee, déi gött et guer net?!?!

Osiris mat verstalter Stëmm : Ah, zwou nei Séilen um Wee fir an d'Hell. Da kommt séier op dës Wo. Hei weien ech äert Häerz. Wann et aus hellem Gold ass, dann därerft dir net hei eran. Ass et iewer aus schwaarzem Pech, da musst dir hei bleiwen, bis an all Éiwegkeet.

Mischi: Do erop soll ech!

Osiris: Ass däin Häerz aus Gold, muss du heem. Ass et aus Pech, da bleifs du hei, esou einfach ass dat elei.

De Mischi klëmmt op d'Wo.

Osiris: Fir d'éischt de Pech!

Den Diago an d'Diaga stellen en Eemer Pech op déi aner Schuel, an de Mischi gött an d'Luucht gehewen.

Osiris: An elo d'Gold!

Den Diago an d'Diaga stellen en Eemer Gold op déi aner Säit, an d'Wo bleibt an der Schwief.

Osiris: Du hues en Häerz aus Gold! Du däerfs net eran. Du muss nees heem.

Mischi: Cool! Dat war jo séier gaangen. Da kann ech elo nach e bésse Recheprüfung léieren!

Michelle: Cool??? Dat do ass alles mee net cool, Madame Osiris! Dir hutt gefuddelt.

Osiris: Gefuddelt! Ënnerstéi dech esou ee Wuert virun der Séileriichterin Osiris an de Mond ze huelen!

Michelle: Madame Osiris! Ech muss do eran. Do ass den Zirkus. Do wëll ech oprieden.

Osiris: Zirkus? Wat schwätz du do?

Michelle: Ma de grouse Staatszirkus vun der Hell mat Akrobaten an Diaboloen, d'Luzette huet mir alles beschriwwen, do wëll ech hin. Ech kann nämlech och jongléieren, kuckt emol hei!

D'Michelle fänkt un ze sprangen an ze hopsen. D'Luzette an déi aner Däiwel sprangen och mat. D'Osiris-James kënnt aus dem Gläichgewiicht a verléiert dee laange Mantel a séng Mask.

James: Hëllef, hëllef, ech falen. Macht lues!

Luzetto: Du, James Diabolo! Dat hätte mir eis och denke kënnen, jo, dat hätte mir eis wierklech denke kënnen.

James: Ma mir wollte just, just...

Luzi: Dir wëllt net, datt mir en neie Wand hei an d'Hell bréngen.

James: Ma da lauschter dach...

Luzette: Elo lauschters du emol no, Männchen! Wann dat do nach eng Kéier virkënnt, da späere mir dech bei den Zerberus, den Hellenhond, a wat deen da mat dir mécht, dat kanns du dir jo sécher an déngem Kampfmaschinnegehir virstellen!

Si maachen den Zerberus no a verdreiwen den James vun der Bühn.

Luzette: An dir zwee, Diago an Diaga, hëlleft dir diene Fatzbeidelen och nach?

Diaga: Mir hu missen.

Diago: Si hunn eis gezwongen.

Diaga: Si soten, wa mir hinnen net gingen hëllefen, dann, dann, ...

Diago: ... da gingen si den Zerberus, den Hellepittbull, op eis hetzen.

Michelle: Datt déi Grouss ëmmer esou schrecklech Ongeheier erfanne mussen, fir diene Klengen Angscht ze maachen!

Luzi: Wéi mengs du dat, Michelle?

Michelle: Ma da kuck Luzi. D'Diaboloen erfannen einfach e ganz schrecklecht Monster fir dienen aarmen Däiwelen hei Angscht ze maachen, a schonns follege si hinnen. Dat ass dach aarmeséileg.

Luzi: Jo, dat ass wouer. Mee, Michelle, ech mengen dien Hellewuechthond gött et wierklech. Ech hu scho vill vun diem héieren.

Michelle: Geet dir och elo schonns de Wapp? Bis ech die Schoussmippchen net mat méngen eegenen Ae gesinn hunn, fäerten ech dien och net.

Mischi: A wann der Däiwel zu Bock kéim, da ging ech nach net fäerten. Sou, an elo huelen ech emol mäi Rechenheft eraus an da gött geléiert.

Michelle: Mischi, du bass en Téinert an nach e Streber derbäil!

Luzetto: Streit elo net! Séier nach zwou Minutte gerascht, an da geet et weider an d'Hell, jo da geet et weider an d'Hell.

Michelle: Jo, da geet et an den Zirkus.

Luzetto: O mei, wat sinn ech mitt, jo ech sinn doutmitt.

Luzette: Ech och!

BRUUUUUUUTTTTTTSCH! De Luzetto huet e megadécken, sténkegen Däiwelsfuerz gelooss!

Luzetto: Pardon, ech konnt net derfir, jo, ech hunn eng Mogrripp.

Luzi: Fuerzert!

Et gött elo ganz ganz roueg. D'Luuchte ginn donkel. Si leeën sech op eng Säit fir ze raschten.

14. LIDD 4: It makes no sense if you can't make peace

15. D'Hydra, d'Schlaang mat den dräi Käpp

Nom Lidd ass et ganz roueg an däischer.

Luzi: Dat war e schéint Lidd!

Rou. An d'Rou e Geräisch.

Michelle: Psst. Wat war dat do?

Mischi: Dat ass iewer e komesche Kaméidi?!

Lucetto: Der Däiwel net nach, esou eppes hunn ech nach ni héieren, wierklech nach ni.

Luzette: Da sidd emol roueg. Villäicht héiere mir vu wou et kënnt.

....

Luzette: Dajee, dir musst méi roueg sinn!

Mischi: Ech fäerten.

Luzette: Psst!

Vun dier enger Säit vun der Bühn erschénge elo de Kapp vun enger Schlaang.

Mischi: Hëllef, eng Schlaang!

Luzi: Dat ass d'Hydra.

Michelle: D'Schlaang mat den dräi Käpp.

Luzette: Et gött se also wierklech.

Mischi: Jo, et gött se wierklech.

Luzette: Maacht lues. Mir gi ganz virsiichteg hannerécks. Da bemierkt se eis net.

Si schläichen sech hannerécks zréck. Si mierken iewer net, datt hannert hinnen dien zweete Kapp lauert.

Luzetto: Nëmmen ech hat gemengt, d'Hydra hätt dräi Käpp. Ech gesinn iewer nëmmen een, jo ech gesinn nëmmen een!

D'Michelle dréint sech em a gesäit dien zweete Kapp.

Michelle: Ma dann dréi dech emol em.

All: Aiaiaiaiaiaiaiiiiiiiiiiii!

Si brëlle schrecklech.

Diago: Dien zweete Kapp!

Diaga: Mamma!

Vun dier enger Säit kënnt elo dien ee Kapp, vun dier anerer Säit dien anere Kapp. Hinne bleift nëmmen de Wee an d'Mëtt vun der Bühn.

Luzette: Dat geet net gutt aus!

Luzetto: Ech hunn um Fernseh gesinn, datt d'Schlaangen hir Affer ganz erofwiergen. Si zerbäissen se net a Stécker, nee net a Stécker zerbäissen si se.

Michelle: O nee wéi schéin, Luzetto, da kënne mir jo vu Gléck schwätzen, datt mir net zerrappt ginn. Elo sinn ech iewer richteg berouegt.

Vun uewen duerch d'Mëtt vun der Bühn erschéngt elo dien drëtte Kapp. Grad vun do, wou si sech elo wollten zrëckzéien.

Luzetto: Elo feelt wierklech nach dien drëtte Kapp, jo, dien drëtte Kapp feelt nach.

Michelle: Wann ee vun der Däiwel schwätzt, dann

All: Aiaiaiaiaiaiaii!!!!!!!!!!!!!!

Vun alle Säite kommen elo Schlaangekäpp op se duer. Si zéien sech no vir zrëck, op de Steg, wou de Séilentransporter gefuer ass. Si mierken net, datt grad iwwer die Wee den Zerberus, den Hellewuechthond, ënnerwee ass.

Mischi: Michelle!

Michelle: Jo Mischi.

Mischi: Michelle, ech wollt dir iewer nach soen, ...

Michelle: ... jo, wat wolls du mir soen, Mischi, ...

Mischi: ... ech wollt dir nach soen, dass du déi bescht Schwëster ...

Luzetto: Mir hunn elo keng Zäit fir esou Familljekrom, iwwerhaapt keng Zäit!

Michelle: Mischi!

Mischi: Jo Michelle.

Michelle: Mischi, ech wollt dir nach soen, datt...

Luzetto: Genug. Macht iech elo esou lues drop gefaasst, datt dir et héchstwahrscheinlech bis zu zwou Minutten am Bauch vun diem Ongeheier aushaalt, bis iech d'Loft lues a lues ze knapp gött, jo, bis zu zwou Minutten.

Luzette: Luzetto,

Luzetto: Jo Luzette,

Luzette: a Luzi,

Luzi: Jo Luzette,

Luzette: Luzetto a Luzi, ir eis d'Loft elo no zwou Minutten ze knapp gött, wollt ech iech nach soen, datt...

Michelle: Genug dies Familljegadeesems. Dréint iech einfach emol em!

Hannert sech entdecke si elo die risegen Zerberus.

Luzette: Dat ass den Zerberus, den Hellewuechthond!

All: Aiaiaiaiaiiiiiiiiiiiiiiiiiiii!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!

Luzetto: Dien zerbäisst séng Affer iewer ir en se frésst, jo, dien zerbäisst déi zerguttst.

Michelle: Elo ass et eriwwer.

Luzette: Elo hu mir keen Auswee méi!

Mee den Zerberus geet komescherweis laanscht dem Michelle séng Equipe a riicht op d'Schlaang duer.

Zerberus mat ganz däischerer Stëmm : Da waart Hydra, Schlaang mat den dräi Käpp. Elo bäissen ech dir emol an de Schwanz.

D'Hydra schreckt zréck.

Zerberus: Domadder has du net gerechent. Elo geet et dir un déng dräi Käpp. Elo kanns du emol eppes erliewen.

Hydra: Erbaarmen, Erbaarmen, Zerberus, o groussen Hellenhond!

Zerberus: Erbaarmen. Mat eou eppes wéi dir huet ee keen Erbaarmen! Oder has du iren Erbaarme mat dienen aarmen Däiwelen hei?

Hydra: Ma dat war dach nëmme Spill!

Zerberus: Nëmme Spill? Da pass emol op, dann ass dat hei och nëmme Spill. Elo wäers du emol die groussen Zerberus kenne léieren!

Bei dëse Wieder sprangen déi dräi Diaboloen - Jeff, John a Kevin aus dienen dräi Schlaangekäpp.

John: Hëllef, hëllef, den Zerberus frësst eis.

Jeff: Séier fort.

Kevin: Hëllef, Mama...

A scho si se verschwonn...

Aus dem Zerberus sprangen déi dräi Chaos-Geeschter eraus.

Archibald Westminster: Hahaha, kuck, wat se lafen, hein!

Luzette: Archibald Westminister! Dat hätt ech iech Chaos-Bridder net zougetraut!

Donald Eastmoore: Gesitt Dir emol, Madame Luzette, total voll cool.

Reginald Southside: Dacks ass de Kär ee ganz anere wéi d'Schuel. Décke Gas!

Michelle: Wéi mengs du dat, Reginald Southside?

Donald Eastmoore: Dir hutt d'Osiris an d'Hydra gefaart, mee a Wierklechkeet waren et just déi aarmeséileg Diaboloen, déi sech doranner verstoppt haten, total voll verstoppt.

Archibald Westminster: A grad déi aarmeséileg Diaboloen, déi gemengt haten iech fäerten ze doen, hu gefaart wéi kleng Kanner, wéi den Zerberus, den Hellewuechthond, op se lass gaangen ass, hein.

Reginald Southside: An dobäi soutzen an diem schreckleche Béischt just mir, déi dräi Chaos-Geeschter... Décke Gas!

Archibald Westminster: ... Donald Eastmoore...

Donald Eastmoore: ... Reginald Southside ...

Reginald Southside: ... an Archibald Westminster! Applaus!

All klappen se hinnen.

Elo kommen déi dräi Hellburger-Verkeefer mat Bauchbuttéker eran.

Hellburger-Verkeefer 1: Hellburger, Hellburger, kauft Hellburger, da sidd der cool.

Hellburger-Verkeefer 2 an 3: Hellburger, Hellburger, kauft Hellburger, da sidd der cool.

16. Wat een Zirkus

Michelle: So Luzette, firwat wollten d'Diaboloen eis dann net an d'Hell loossen. Ech wollt dach just an den Zirkus.

Luzetto: Also Luzette, ech mengen et ass elo esou lues un der Zäit, fir dem Michelle ze soen, datt et hei keen Zirkus gëtt, jo, et ass elo un der Zäit.

Michelle: ... hei keen Zirkus gëtt!!! Ech hu sécher net richtig héieren?

Luzette: Michelle, da beroueg dech.

Michelle: Wat seet die komesche Fuerzdäiwel do? Et gëtt hei keen Zirkus.

Luzette: Ma Michelle, mir wollten dach nëmmen...

Michelle: So mir elo d'Wouerécht: gëtt et hei een Zirkus, jo oder nee?

Luzi: Also, wanns du eis esou direkt frees,...

Luzette: ... also esou een Zirkus mat Artisten a Jongleure gëtt et net hei an der Hell.

Michelle: Esou eppes leeft dach net.

Mischi: Ma Michelle, dat ass dach net esou schlëmm...

Michelle: Ech mengen, dir maacht all de Geck mat mir. Elo kommen ech hei matsen an der Nuecht iwwer den Hades op esou engem ale Schëff heihinner gefuer, loosse mech vu Schlaangen an Hënn bis op d'Blutt erféieren fir an den Zirkus hei ze kommen, an da sot dir mir séileroueg, datt et leider iwer keen Zirkus hei gëtt.

Luzette: Pardon, Michelle. Et deet mir leed.

Luzi: Mir hätten dat net maache sollen.

Michelle: Ma wat hat dir dann iwuerhaapt bei mir verluer, firwat wollt dir onbedéngt, datt ech sollt mat iech an d'Hell kommen?

Luzetto: Wëll et hei fuerzlangweileg ass!

Michelle: Dat verstinn ech net!

Luzette: Du hues eis ni nogelauschttert!

Luzi: Du has ëmmer nëmmen däin Zirkus am Kapp.

Luzetto: Dir war et ganz egal wat mir dir verziele wollten, du hues ëmmer just Zirkus, Zirkus, Zirkus verstanen, jo, ëmmer just Zirkus, Zirkus, Zirkus.

Michelle: Ou, dat deet mir leed, dat wollt ech net!

Luzette: Ech sinn nach e jonken Däiwel, ech hunn eréischt 666 Joer. Mee all déi 666 Joer war ni eppes anescht.

Luzetto: Ech sot jo schonns, fuerzsténklangweileg, jo, fuerz-sténk-lang-weileg!

Luzi: Mir Däiwele mussen ëmmer béis, hannerhälteg an niddeträchteg sinn.

Diago: An déi Grouss mussen déi Kleng pisacken.

Diago: Jo, d'Diaboloen hunn eis ënner de Plafang gehaang an et huet keen eppes gesot. Dat ass ganz normal.

Luzette: An de Bicher steet et esou, a mir hunn et esou geléiert. Ëmmer dat selwécht.

Luzetto: Mee dat huet eis elo zerguttst gestonk. Mir wollten, datt hei emol eng Kéier d'Fatze fléie sollten, jo, esou richteg sollten d'Fatze fléien...

An hei kënnt Dir dien integralen Text ganz a gratis bestellen:

meyerr@gms.lu